



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7892 vum 17. Abrëll 2023 vun der éierewärter Deputéiert Madamm Martine Hansen iwwert "Installations photovoltaïques dans la zone verte"

1. Goufen an de Joren 2021 an 2022 präzis Instruktiounen un d'Fiechteren an aner concernéiert Léit gemaach, dat d'Fotovoltaikpanneauen mussen platt opgeriichtginn?

Dës Virgoensweis gëtt säit 2012 esou fir d'Diecher applizéiert. Dëst ass eng Linn, déi am Ëmweltministère ënnert deem deemolege Minister festgehale ginn ass, an déi sech och bewäert huet.

2. Bei wéi vill vun deenen 59 ausgestallten Autorisatiounen an de Joren 2021 an 2022 gouf et eng präzis Demande fir kënnen d'Fotovoltaikpanneauen opzestänneren a wann jo, wéi vill Projeten kruten dofir eng Autorisatioun?

Et waren 2021 an 2022 jee 2 Demanden. Et gouf keng dovunner refuséiert.

3. Op Basis vu wéi enge Critèren decidéiert de Ministère, wéini opgestännert d'Fotovoltaikpanneau'ën sech an d'Landschaft integréieren an wéini dat net de Fall ass?

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°7514 vum 26. Januar 2023 vun der éierewärten Deputéierten Madamm Martine Hansen gesot, ass d'Zil den Impakt vun sou Infrastrukturen op d'Landschaftsbild sou geréng wéi méiglech ze halen. Dëst gëtt am Kader vun enger Demande individuell gekuckt a bewäert.

Am Fall wou d'Fotovoltaikpanneauen opgestännert op d'Diecher sollen installéiert ginn, gëtt eng individuell Evaluatioun vun der Demande gemaach. Ee wichtege Krittär fir de Landschaftsimpakt ze evaluéieren ass notamment wéi visibel déi concernéiert Daachfläche sinn an dat ass natierlech bei all Site anescht.

Flaach Installatiounen hunn d'office keen Impakt op d'Landschaft, si sinn op enger Daachfläch wéineg visibel an integréieren sech an de Site. Esou Demanden ginn dofir de Moment ouni speziell Evaluatioun direkt an onkomplizéiert geneemegt. Bei de geplangten Upassunger vum Naturschutzgesetz soll jo fir flaach Fotovoltaikpanneauen op Bestandsgebäier zukünfteg keng Autorisatioun méi erfuerderlech sinn.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung